ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An de leschte Wochen hunn déi dräi Staatspresidente vu Frankräich, Russland an den USA deklaréiert, datt de Krich géint den Islamesche Staat a Syrien eriwwer oder esou gutt wéi eriwwer ass. Duerfir géing ech den Här Bausseminister bieden, dës Froen iwwer d'Konsequenze vum Enn vum Krich a Syrien ze beäntweren:

1. Wéi wäit schafft d'international Gemeinschaft schonn u Pläng, fir d'Land nom Krich nees opzebauen?
2. Wéi wäit ass Lëtzebuerg hei engagéiert, a gëtt et schonn éischt Schätzungen, wat fir en Deel un de Käschte fir den Opbau vun deem fréiere Krichsland Lëtzebuerg soll matdroen?
3. Wat fir Konsequenzen huet d'Enn vum Krich a Syrien fir déi Leit, déi virum Krich fortgelaf sinn an déi elo beim Opbau vun hirem Land gebraucht ginn?
4. Wéi wëllt Lëtzebuerg syresche Flüchtlingen hëllefen, esou séier wéi méiglech an hir Heemecht zeréckzegoen?
5. Bedeit d'Enn vum Krich e séieren an automatesche Retour vun alle Krichsflüchtlingen?
6. Bedeit d'Enn vum Krich eng nei Evaluatioun vun den Demandë vun den DPIen a BPIen?
7. Beaflosst d'Enn vum Krich a Syrien d'weidert Plange vun der Hëllef fir Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg, vun deenen e gudden Deel jo aus Syrien kënnt?
8. Amplaz hei zu Lëtzebuerg d'Zesummeféierung vu Familljen ze organiséieren, wär et net besser a méi wäitsiichteg, de Leit, déi virum Krich fortgelaf sinn, ze erméiglechen, séier bei hir Familljen an hir Heemecht zeréckzegoen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique